

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Gesondheitsministesch weiderzeleeden:

*„Am Norde vum Land assuréieren just zwee Sitten vum Centre
Hospitalier du Nord d'Gesondheitsversuergung vun de Bierger.
Elo ass mir zu Ouere komm, datt d'Klinick zu Wolz an eng
Dagesklinick soll ëmgewandelt ginn.*

*Dofir wollte mir der Madamm Gesondheitsministesch folgend
Froen stellen:*

- *Ass d'Madamm Ministesch informéiert
iwwer d'Ännerungen, déi d'Weelzer Klinick
solle betreffen? Wa jo, wéi soll d'Konzept vun esou enger
Dagesklinick ausgesinn?*
- *Wat géif d'Schafung vun enger Dagesklinick fir den
Urgencendéngscht an der Weelzer Klinick bedeuten? Wäert
dee weider oprecht erhale kënnen ginn?*
- *Wéi gesäit d'Madamm Minister d'Zukunft vun der Weelzer
Klinick? Wat muss ënnerholl ginn fir datt dee
beschtméiglechen Zerwiss um Klinickstanduert Wolz am
Déngscht vun de Patienten aus dem ländleche Raum
garantéiert ka bleiwen?*
- *Wéi een Impakt wäert d'Ëmwandlung vun der Weelzer
Klinick an eng Dagesklinick op den Ettelbrécker Site vum
Centre Hospitalier du Nord hunn?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten